Kleeschen 2013
Gemeng Fluessweiler a Gemeng Wormer

Programm 2013

	Wat?	Wien?	Wat?
1.	Lidd	alleguer	Am Dezember
2.	Begréissung vum Kleeschen a vum Housecker		
3.	Lidd	Précoce & Spillschoul	Lu-lu-lu-lu-luussen
4.	Gedicht	Précoce & Spillschoul	Den Housécker
5.	Lidd	alleguer	Kanner loosst mer lëschteg sinn
6.	Gedicht	1. & 2. & 3. Schouljoer	Den Zinnikleeschen
7.	Lidd	alleguer	Am Uewe potert d'Feier
8.	Gedicht	4. & 5. & 6. Schouljoer	De Kleeschen an de Housécker
9.	Lidd	alleguer	Merci Kleeschen

De Programm an d'Lidder fënnt een op:
http://www.billek.lu/ecole-fondamentale/projets

Am Dezember



1. Am De - zem-ber, vrun Ni -- klos - dag, geet de



Kleeschen duurch all Duerf. Do wou d'Kan-ner brav a



léif sin, gräift hien a säi grousse Kuerf.

2. Säi Gesell, dee schwaarzen Houseker,
as op Schrëtt an Trëtt derbei.
An déi Kanner, déi ze frech sin,
stécht hien an säi Sak, o mei!

3. Duerfir, Kanner, follegt ëmmer,
da sid dir bestëmmt gutt drun.
An dir braucht keng Angscht vrum
béisen, schwaarzen Houseker ze hun!



Text: J.P. Rollinger

Lu-lu-lu-lu-luussen



Lu-lu-lu-lu-luussen,
luusse gi mir alleguer,

lu-lu-lu-lu-luussen,
duerch d'Schlëssellach eran.

An dobannen - an dobannen - an dobannen - an dobannen
an dobannen, do si vill Saachen.

Lu-lu-lu-lu-luussen,
luusse gi mir alleguer,

lu-lu-lu-lu-luussen,
duerch d'Schlëssellach eran.

4. Gedicht fir d'Kanner aus dem Précoce an der Spillschoul

Den Housécker

Housécker mam schwaarze Baart,
ech hunn dech guer net gefaart!

Du gëss mir eng Tut, eng grouss!
An ech kommen op däi Schouss.

aus Zinglabumm, Mir waarden op een

Kanner, loosst mer lëschteg sënn



1. Kanner, loosst mer lëschteg sënn,
well de Kleesche kënnt geschwënn:

Ref.: Kleesche, Kleesche, léiwen Zinniklos,
deen s du d'Kanner gären hues,
héier ons, hellg'en Niklos.

2. Lues schlauft hien an d'Haus eran
fir ons all grouss Freed ze man:

3. Gläich kuckt hien sech d'Zied'len un,
déi mir him geschriwwen hunn:

4. Fëllt dann d'Tell'ren an der Rei,
mat Gebäck a Spillgezei:

5. Mat vill Saache fir déi Gutt,
fir déi Wéischt näischt wéi eng Rutt:

6. An da flitt en huerteg gläich,
zréck nees op an d'Himmelsräich:

7. Mir si muerges op mat Zäït,
wann nach d'Nuecht ëm d'Haiser läit:

8. Stiermen dann op d'Tell're lass,
Mond an A ginn opgerass:

9. De Verstand bleift muenchem sto'n,
't ass e Gléck, 't ass net ze so'n:

10. An da sange mir voll Freed,
datt et héich zum Himmel geet:

6. Gedicht fir d'Kanner aus dem 1. & 2. & 3. Schouljoer

Den Zinnikleeschen

't ass kal. Dobaussen hault de Wand,
den Zinnikleeschen zitt duerch d'Land.
E geet mat sengem grousse Kuerf
duerch jiddwer Gaass, duerch jiddwer Duerf.

Do wou brav Kanner sinn am Haus,
do geet e ran, do deelt en aus.
Deen ee kritt dët, deen aneren dat,
sou wéi et steet op sengem Blat.

An huet e muerjes, géint der Dag,
duerch d'Haiser da säin Tour gemaach,
da geet en am Éislék op eng Kopp
an heemlech an den Himmel op.

Marcel Reuland; liicht ëmgeännert

Am Uewe potert d'Feier



Am Uewe potert d'Feier,
de Wanter jot ëm d'Haus;
de Fléiwel an der Scheier
klappt d'Fruucht an d'Huewer aus.

D'Schnéiflacke wiewen eng Decken,
dem Horizont op d'Mooss.
An allen Uewenecken
geet Rieds vum Zinniklos.

Dee schneid am Bësch nu Rudden,
a wäisser Wanternuecht;
an owes bei de Lueden
steet hie ganz heemlech Wuecht.

Wat d'Kanner dreemen an dreiwen,
dat mierkt hien sech ganz gutt;
wou d'Tell'ren eidel bleiwen
leet hien dernieft eng Rutt.

8. Gedicht fir d'Kanner aus dem 4. & 5. & 6. Schouljoer

De Kleeschen an den Housécker

Et ass geschwënn erem sou wäit,
jo, de Kanner hier léifsten Zäit.
De Kleeschen zitt vun Haus zu Haus,
deelt hinne vill gudd Saachen aus.

Op Schratt an Tratt leeft hannendrunn,
e schwaarze Mann, ’t ass net gelunn.
Oh, dem Zinniklos säi Gesell,
deen ass ze fäerten, eventuell.

Seng raschteg Ketten, seng laang Har,
sou kënnt hie getrappt wéi all Jar.
Deelt Rudden aus an och mol Streech,
Wien net huet gefollegt, deem gëtt weech.

Mir hunn eis ëmmer gudd geschéckt,
dofir Kleeschen: lo net gezéckt,
mir stellen eis an d’Rei hei un,
waarde bis mir eng Tiitchen hunn.

Luc SINNER, Nidderdonwen, 2008

Merci Kleeschen



2. O Kleesche komm och d'nächst Jor bei eis erëm!
Da sange mir all mat heller Kannerstëmm:
Kleesche, gudden hellgen Här!
O wéi hu mir dech sou gär!
O wéi hu mir dech, hellge Mann sou gär!

Text: J.P. Rollinger